N° 7189
Entrée le 16.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4938 vu September 2021 hat ech d'Madamm Ministesch op verschidde potentiell Dysfonctionementer um 112 higewisen. Laut der Äntwert op d'Fro 6982, Froen 1 an 2, huet d'Madamm Ministesch nëmmen d'Informatioun vun 2 Agente beim CGDIS, déi den 112 verlooss hunn, an eng Persoun, déi geplangt huet de Service ze verloossen. Dëst ass mengen Informatiounen no net richteg. Et wiere mindestens 5 Persounen, déi de Service 2022 verlooss hätten an eng Persoun, déi den Départ annoncéiert hätt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Agenten hunn tatsächlech säit Ufanks dës Joers den 112 verlooss?
2. War d'Madamm hei falsch informéiert?
3. Wien huet der Madamm Ministesch dës Informatioune ginn?
4. Wéi eng Beméihunge wäert d'Madamm Ministesch ënnerhuelen, dass d'Chamber an Zukunft richteg Äntwerten aus hirem Ministère kritt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten